



Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 18. Juli 2019

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert Datesécherheet vu Schoulkanner a Léierpersonal bei der Benotzung vun der Software Microsoft Office am Kader vum 'Digital classroom Letzebuerg' un den Här Educationminister weiderzeleeden .

Engem Befonnt vun engem dätschen Dateschutzbeoptraagten no ass d'Benotzen vun Microsoft Office an Schoulen net zoulässeg, dat well dësen Service géint d'Dateschutzgesetz verstoussen géif. D'Sammelen vun sougenannten Telemetrie-Daten géif deemno géint d'EU Dateschutzgesetz (GDPR) verstoussen wat eng besonnesch Protektioun vun Daten vun Kanner virgesäit. Am Kader vum 'Digital classroom Letzebuerg' gräifen och lëtzebuergesch Schülerinnen a Schüler souwéi d'Léierpersonal op déi betreffen Software, Microsoft Office 365 an déi dozougehéierend Cloud-Service zréck.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Educationminister Claude Meisch riichten :

- Kann den Här Minister mir bestätegen dat Daten iwwert d'Verhalen vun Schülerinnen an Schüler vun Microsoft gesammelt an traitéiert ginn?
- Wann jo, sinn des Praktiken mat dem EU Dateschutzgesetz konform?
- Kann den Här Minister ausschléissen dat vun Microsoft gesammelten Daten un Drëttstaaten transferéiert kennen ginn?
- Kann den Här Minister mir soen op Schülerinnen a Schüler och op aner subventionéiert Alternativen zréckgräifen oder mat verschidden OpenSource Softwaren schaffen kennen, wéi se jo am Kader vum Koalitiounsaccord verstärkt an der Administration publique sollen agesat ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles
Deputéierten



Luxembourg, le 18 septembre 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 919 de Monsieur le Député Paul Galles

Ad 1) + Ad 2)

Bei dëse Froen gëllt et ze ënnerscheeden tëscht de Computeren an de Schoulen an de private Geräter vun den Enseignanten an de Schüler.

Op de PCe vun de Schoule leeft d'Versioun Office 2019. D'Telemetrie ass hei net ageschalt. Weider si "Controlled Connected Experiences" an de "Customer Experience Improvement Program (CEIP)" desaktivéiert. "LinkedIn Integratioun" ass standardmässeg aktivéiert.

Deemno gi fir déi PCen, déi an de schoulinternen Netzer lafen, keng Daten iwver d'Verhale vun de Schüler vu Microsoft gesammelt oder traitéiert. Wat déi Microsoft-Produiten, déi d'Enseignanten an d'Schüler op hire private Geräter installéiert hunn, kann de Centre de gestion informatique (CGIE) vum Ministère keng Aussoe maachen, ma ech wäert eng entspreichend Richtlinn un d'Enseignanten ginn.

Weider Informatiounen zu de Versiounen, déi beim Educatiounsministère agesat ginn, stinn hei:

<https://www.microsoft.com/en-us/microsoft-365/academic/compare-office-365-education-plans?activetab=tab:primaryr1> → Office 365 A3 (students)

<https://www.microsoft.com/en-us/microsoft-365/academic/compare-office-365-education-plans?activetab=tab:primaryr2> → Office 365 A3 (teachers)

Ad 3)

Wéi ënner dem Punkt 1) beschriwwen, gi keng Verhalensdaten op schoulinterne Computere gesammelt an deemno och net transferéiert.


Ad 4)

Déi eenzeg Software-Lizenzen, déi den Educatiounsministère de Schüler an den Enseignante fir de private Gebrauch gratis zur Verfügung stellt, sinn d'Microsoft-Lizenzen am Kader vum Kontrakt "Microsoft Campus & School Agreement" (CASA-EES).

Esouwuel déi responsabel Acteure vun de Schoulen ewéi och vum CGIE suivéiere vun no d'Evolutioun vun Open-Source-Systemer.

En etlech Initiative weise kloer den Interessi an de Wëllen, fir sech och an déi Richtung ze engagéieren:

- An de Programmer vun den Technikerformatiounen an der Informatik an an der Elektronik kréien d'Schüler eng Aweisung an d'Linux Betriebssystemer.
- Jee no Formatioun, Divisioun oder Sektoun gi folgend Open-Source-Programmer an de Schoule benotzt: Gimp, Scratch, XMind, BlueJ, Unimozer, Structorizer, P'titStock, VLC, 7-Zip, XnView, InkScape, Kompozer, Geogebra, Thunderbird. Aner, nach méi spezifesch Programmer gi jee no Formatioun op de Schoulcomputeren installéiert, dat ëmmer méi dacks a Form vu virtuelle Maschinnen, esou datt einfach kann zwëschent der Windows- an der Linuxwelt gewiesselt ginn.
- Op den Desktop-Computere vun de Schoulen ass nieft dem Microsoft Office dacks zousätzlech den Open Office installéiert.
- Vill Serveren an eise Schoule lafen ënner Linux.
- De CGIE schafft zanter Joren an engem Server-Environnement, deen zu engem groussen Deel ënner Linux leeft.
- All d'Firewallen, souwuel an de Schoule wéi an den Administratioune vun der Educatioun nationale, baséieren op Linux.
- Och portabel Raspberry-Pi-Geräter ginn ëmmer méi dacks an de Makerspacë vun eise Schoule benotzt.



Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse